ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
20 SEP. 2019
1222

Tratten, den 19.September 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister, den Här Minister vun der sozialer Sécherheet an un den Här Dateschutzminister weiderzeleeden.

Déi Persounen, déi vun engem vun de privaten Hëllefsdéngschter am Land betreit ginn, hunn e Patientendossier.An dem Zesummenhank stellen sech eng Rei Froen, besonnesch wat den Dateschutz ugeet. Et muss ee bedenken, datt medezinesch Informatiounen en héich sensibele Charakter hunn.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Dispositiounen appliziéieren sech am Beräich vum Dateschutz op déi privat Hëllefsdéngschter? Wéi gëtt gereegelt, wéi e Mataarbechte kann op wéi eng Informatiounen Zougrëff hunn? Ass den Accès zäitméisseg oder "ratione materiae" limitéiert? Gëtt et e System mat Passwierder déi geännert ginn, esou datt fréier Mataarbechter vun den Hëllefsdéngschter keen Zougrëff méi op medezinesch Donnéeën hunn?
2. Wéi eng Informatiounen ginn aus dem Gesondheetssecteur un d'Hëllefsdéngschter? Wéi eng Informatiounen an no wéi enge Modalitéiten? Ass de Patient doriwwer informéiert a muss hien säin Accord ginn?
3. Wat geschitt mat engem Patientendossier wann déi betraffe Persoun keng Hëllef méi brauch oder stierft?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 septembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1222 du 19.09.2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Protection des données dans le cadre des prestations de services d'aide et de soins par des organismes privés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés